**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (13.02.2020)**

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 FEV. 2020
1869

Lëtzebuerg, den 13/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Virun zwee Deeg gouf an der Chamber eng Interpellatioun vun e puer Stonne gefouert zum Thema vum ländleche Raum. Haut, also zwee Deeg dono, huet d'Spuerkeess an engem Communiqué matgedeelt, dass no enger interner Studie11 Agencen am Land hier Diere fir ëmmer wäerten zoumaachen. Verschidde Gemengeresponsabelen hunn monéiert, dass si näischt vun dëser Decisioun wossten. D'Gesetz vum 24te Mäerz 1989 gesäit vir, dass d'Spuerkeess duerch seng Aktivitéiten zur wirtschaftlecher an der sozialer Entwécklung vum Land bäidroe soll. D'Spuerkeess als Etablissement public gehéiert zu 100% dem Lëtzebuerger Staat. Am Verwaltungsrot vun der Spuerkeess sëtze 5 Administrateuren, déi vum Staat nominéiert sinn, soudass d'Decisiounen net ouni d'Averständnis vum Finanzminister geholl konnte ginn..

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wosst de Finanzminister am Virfeld vum Communiqué vun der Spuerkeess Bescheed, dass déi 11 Agencë schléisse wäerten?
2. Huet d'Spuerkeess de betraffene Gemengen am Virfeld vun hirer Decisioun Bescheed gesot? Falls nee, empfënnt de Finanzminister et net als schlechte Stil, dass d'Gemengen aus der Press viru fäerdeg Tatsaache gestallt goufen?
3. Ugesiichts vum Fakt, dass de Staat 5 vu 9 Administrateuren am Verwaltungsrot vun der Spuerkeess stellt, hunn d'Fonctionnairen d'Decisioun, d'Filialen zou ze maachen, mam Accord vum Finanzminister getraff?
4. Wéi ass d'Schléissung vu Filialen vun engem Service public vereenbar mam Zil, d'ländlech Géigende méi attraktiv ze gestalten?
5. Wéi wëll d'Spuerkeess verhënneren, dass Bierger, déi keen Accès op Online-Banking hunn, vun dësem Service ausgeschloss ginn?
6. Ass virgesinn, déi zukünfteg eidel Agencë vun der BCEE fir de Logement oder de klenge Commerce ze notzen?

Mat déiwem Respekt,

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 13 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1869 du 13.02.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Fermeture d'agences de la BCEE

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés